PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gläichheet tëscht Fraen a Männer weiderzeleeden.

A Kollaboratioun mat zwee Bäckerei-Betriber aus Lëtzebuerg huet de Ministère fir Gläichstellung tëscht Fraen a Männer d'Campagne "Gewalt kënnt net an d'Tut" lancéiert. D'Zil ass et, d'Biergerinnen a Bierger op d'Thema vun der Gewalt doheem ze sensibiliséieren an op subtil Aart a Weis op d'Helpline Violence (+352 20 60 10 60) an de Site www.violence. lu opmierksam ze maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi laang wäert dës Campagne lafen? Wéi ee Budget huet de Ministère fir dës Campagne virgesinn?

2. Op Basis vu wéi enge Krittäre goufen d'Bäckereien eraus gesicht?

3. Wärend dëser Aktioun huet de Ministère och gratis Croissanten a Streiselen un Passante verdeelt. Huet et sech bei dëse Mëtschen ëm Bio-Mëtsche gehandelt?

4. Och op de soziale Medien huet de Ministère fir dës Campagne Reklamm gemaach. Op 2 vun 3 Fotoe gesäit een d'Ministesch. Fënnt d'Ministesch, dass dës Fotoen déi richteg waren, fir op d'Problematik vun der häuslecher Gewalt opmierksam ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député